

Kantonveräin Capellen, Clervaux, Diekirch, Echternach,
Esch-sur-Alzette, Grevenmacher, Luxembourg, Mersch,
Redange, Remich, Vianden, Wiltz

Elwen, den 15ten Dezember 2021

Betreff: Däitschsproochege Imkerdaag zu Brixen

Léif Präsidenten, léif Komiteesmemberen, léif Beieleit

Vum 1 - 4 September 2022 ass geplangt, falls Corona matspillt, den Imkerkongress vun den däitschsproochege Länner (Däitschland, Eisterräich, Südtirol (I), Liechtenstein a Lëtzebuerg, deen 2020 an 2021 Corona bedängt net stattfanne konnt, gemäss der Reiefolleg zu Brixen (Südtirol) ze organiséieren.

Den nächste Kongress wier dann, turnusgemäss 2024 bei eis zu Lëtzebuerg.

Mir wëllen a sollten also mat enger Delegatioun un dësem Kongress deelhuefen, ëmsou méi mir d'Geleeënheet hunn, souzesoen als Ofschluss vum Kongress, an engem Virtrag d'Resultater vun de lëtzebuurger Zuuchtprojekter an der Resistenzzuucht géint d'Varroamilb, kënne virzestellen.

Interessenten sollten sech esou séier wéi méiglech, spéitstens bis de 15ten Januar, beim Alexandra (Sekretariat) provisoersch, d.h. net bindend, mëllen, fir dass mer eng Iddie kréien, wéi vill Hotelszëmmer mer reservéieren missten. De genaue Programm wäert an der B.Z. Februar 2022 matgedeelt ginn. Brixen ass eng schéin, kléng, awer historiesch Domstad an deem wonnerschéine Südtirol, also och interessant fir Leit déi net onbedéngt all Virtrag bäiwunnen wëllen, mee e bëssen Tourismus machen.

Mat bëschte Gréiss,
John Weis